DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 8. Oktober 2019

Monsieur Fernand ETGEN
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Logementsminister an un d'Madamm Minister fir de Konsumenteschutz weiderzeleeden:

*„Den Ament gëtt et keng eenheetlech Form fir eng Immobilienannonce zu Lëtzebuerg opzesetzen. Déi kommerziell Annoncë fir de Kaf/Verkaf oder fir d'Locatioun vun enger Wunneng oder vun engem Haus si ganz verschidden an hunn zum Deel onvollstänneg oder esouguer falsch Informatiounen.*

*Esou feelt bei Annoncë fir aktuell Wunnengen dacks déi genee Informatioun, wéi vill Meter Carré d'Wunneng huet. Bei neie Konstruktiounen annoncéieren d'Agencen oder d'Promoteuren dacks déi reduzéiert TVA vun 3%, obwuel deen Taux dacks net der Realitéit entsprécht.*

*D'Indikatioun vum Präis op de Meter Carré mam normalen Taux vu 17% géif dem Konsument d'Méiglechkeet ginn, fir déi eenzel Objeten objektiv mateneen ze vergläichen. Wéinst der feelender Kohärenz vun den Annoncen ass dee Verglach den Ament awer immens schwiereg.*

*An dësem Kader géif ech gäre folgend Froen un d'Madamm Minister fir de Wunnengsbau an un d'Madamm Minister vum Konsumenteschutz stellen:*

- *Sinn d'Ministesche sech den uewe genannte Problemer bewosst?*
- *Sinn d'Ministeschen der Meenung, dass eng gewësse Reegelung, wéi eng Immobilienannonce muss opgebaut sinn, kéint zu enger besserer Transparenz um Immobiliemarché bäidroen? Wann net, wat sinn d'Grënn dofir?*

- *Wa jo, ass virgesinn, fir e Gesetz an d'Weeër ze leeden, dat an déi Richtung geet? Wéini kéint ee mat esou engem Gesetzprojet an der Chamber rechnen?"*

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Max HAHN
Deputéierten